PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Wann eng Persoun fir ee reegelméissegen Traitement muss an d'Ausland an net ka vun engem Taxi oder enger Ambulanz profitéieren, stinn hier vun der CNS 20 Cent pro Kilometer als Indemnité de voyage zou. Säit Mëtt 2021 klammen d'Energiepräisser esou, dass des Indemnitéit déi Assuréiert ëmmer manner entlaascht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi setzt sech den Tarif vun 0,20€/km zesummen? Wéi eng Krittäre spillen hei eng Roll?
2. Säit 2015 ass d'Kilometergeld op 0,30€/km festgehalen. Denkt de Minister dass hei eng Vereenheetlechung hei géing Sënn maachen? Wéi vill géif dës Vereenheetlechung kaschten?
3. Ass de Minister der Meenung, dass d'Indemnité de voyage net misst reegelméisseg un de Stand vun den Energiepräisser no uewe respektiv no ënnen ugepasst ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député